ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 14. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Den däitsche Gesondheetsminister huet rezent annoncéiert, datt et an der Europäescher Unioun zu Enkpäss kéint kommen, wat d'Versuergung mat Medikamenter ugeet. Hannergrond wär hei de Corona-Virus, wéinst deem am asiatesche Raum eng sëllege Fabricken zougemaach goufen, déi Wierkstoffer fir Medikamenter produzéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un déi Häre Ministeren:

1. Besteet am Zesummenhank mat deenen uewe genannten Entwécklungen och eng Gefor fir Lëtzebuerg, wat d'Versuergung mat Medikamenter ugeet?
2. Wa jo, wéi eng Mesure gedenkt d'Regierung ze huelen, fir engem méiglechen Enkpass vu Medikamenter zu Lëtzebuerg entgéint ze wierken?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**